Dënschdeg, 23. Juli 2019
Journal

# E staarkt Stéck

## D'Schankemännchen asbl spillt „Raten" zu Groussbus

**GROUSSBUS**
MONIQUE MATHIEU


D'Anna Hannersteen huet ee Beruff: Si ass Néidesch, si këmmert sech ëm de Fundus vum Theaterdirekter August Faxmeier, an ass déi eenzeg, déi sech domat auskennt. Ouni si ass hien opgeschmass. Ma si huet ee grousse Misär an hirem Liewen: Virun enger Rei Joren ass hire klenge Béifchen dräi Deeg no der Gebuert gestuerwen.

Wou elo dat héich schwangert Olga, eng Fra aus der Ukraine, déi illegal op Lëtzebuerg koum, an am selwechten Hotel lieft, wou och de Fundus vum Theaterdirekter um Späicher hänkt, hir erzielt, datt et sech ëmbrénge wëllt, schléit d'Anna hir een Deal vir: 500 Euro fir de Puppelchen. D'Olga ass schliisslech d'Accord, bereit dat awer ganz séier a mellt hiert Kand selwer op der Gemeng un. Um Office social gëtt si un, d'Anna Hannersteen géif sech ëm de Puppelche këmmeren. Wéi dat dann sou ass, gëtt eng Assistante sociale laanscht geschéckt, mee d'Anna wëll „hire" Puppelche behalen, stellt d'Kutsch mat dem kranke Puppelchen vun enger Prostituéierten, déi och am Hotel lieft a schafft, a seng Wunneng, a mécht sech mat deem anere Baby fort. Ma bis dohin huet d'Schicksal scho längst säi Laf geholl...

Fir de Fräiliichtspektakel „Raten", deen am Moment zu Groussbus vun der Asbl. Schankemännchen opgefouert gëtt, huet de Jemp Schuster net nëmmen d'Nimm vun de Protagonisten, de Site an d'Nimm vun de Plaze geännert, ma huet och um Sënn a Gehalt vum Gerhart Hauptmann sengem Stéck „Die Ratten" gedréint. War am Hauptmann sengem 1911 zu Berlin uropgefouertem Stéck nach d'Mammsinn ee Mëttel zum Zweck, sou stinn zwar nach ëmmer d'Fraen, a virun allem hire soziale Misär, am Mëttelpunkt vun de „Raten", ma si schénge beim Jemp Schuster méi echt Mammegefiller ze hunn. Hir Sich no engem Partner ass méi ee Fortlafe virun dem Elengsinn, wéi d'Angscht virum Elengdostoen.

### En Hotel um Land

D'Handlung zu Groussbus spillt net einfach an engem Haus mat ville Locatairen (wéi zu Berlin), ma an engem Hotel um Land, deen an der Hand vun engem Immobilienhai ass an deemnächst ofgerappt soll ginn; d'Mauere si mat Zeitungen tapezéiert. E voll motivéierten Theaterdirekter probéiert, eng lescht Dréps Éier ze behalen, andeems en éischter nettalentéierte Schauspiller klasseschen Theater bäibrénge wëllt: Hie muss jo bereet sinn, wann sech eng Méiglechkeet bitt, nees fir eng anstänneg Bühn ze schaffen. Ee vu senge Schüler versicht zur selwechter Zäit, een aneren Theater ze kreéieren, méi „naturgetrei", méi modern... Ma insgesamt, sou stellt den Theaterdirekter fest, huet d'Kultur (hei zu Lëtzebuerg) schlecht Kaarten. Am Stéck vum Jemp Schuster taucht och een Immobilienhai op, souzesoen ee „Man in black", deem et nëmmen ëm de Profit geet, an och Flüchtlingen, déi legal oder illegal am Hotel ënnerbruecht sinn. Een „Mahnmal" vun eiser Zäit, och wa si just duerch hir Präsenz oder Existenz op der Bühn derbäi sinn. Wéi z'erwaarden, däerf am Jemp Schuster senge „Raten" och gelaacht ginn. D'Stéck ass eng Tragikomedie bliwwen, an et ass e grousse Verdéngscht vum Jemp Schuster, datt en d'Spill mat der Sprooch, dat him sou gutt läit, sou gekonnt asetzt, datt et nëmmen ee Gewënn ass.




**D'Duersteller bidden ee professionellt Spill, bréngen hir Rollen iwwerzeegend a mat Häerzblutt eriwwer**

Foto: mom

Et muss een och den Duersteller félicitéieren: Si bidden ee professionellt Spill, bréngen hir Rollen iwwerzeegend a mat Häerzblutt eriwwer, de Public gëtt voll a ganz an d'Dramatik eragezunn. „Raten" ass deemno ee staarkt Stéck, och a senger neier Versioun, dat ee sech rouege Gewëssens ukucke kann, zemools well een duerno dach e bëssen driwwer ze brucken huet.

**„Raten", de 14. Fräiliichtspektakel vun der Schankemännchen asbl., ass nach vum 23. bis 27. Juli all Dag um 09.00 owes zu Groussbus am Prommenhaff ze gesinn. Reservatioun: www.schankemännchen.lu**